FRÄIWËLLEG BLUTSPENDER
WOLZ A CLIERF

D'Fräiwëlleg Bluttspender vu Wooltz, Klierf an Ëmgéigend organiséieren den 10. Juni 2017 zu Wooltz op der Festivalsplatz d'«Journée Mondiale du Donneur de Sang». Am Kader vun dësem Fest organiséiere mir een Owend ënnert dem Motto:

D'Bluttspender Wooltz sichen d'Spëtzentalent

wou mir all jonk a manner jonk Leit invitéieren eist Spëtzentalent ze ginn!

D'Spëtzentalent gëtt belount mat:

1. Präis : 750 €

2. Präis : 350 €

3. Präis : 200 €

an nach vill Trouschtpräisser.

Hutt Dir, Är Familljen, Är Frënn oder Äre Veräin een Talent, dann traut Iech a maacht mat!

Aus organisatoresche Grënn, mellt Iech w.e.g esou séier ewéi méiglech un, andeems Dir bis den 15. Mäerz 2017 eng Beschreiwung vun Ärem Talent per E-mail un: marianne.breuer@croix-rouge.lu oder per SMS op den Telefon: 661 850 840 schéckt. Op dësem Telefon kritt Dir och weider Informatiounen.

Op der Récksäit fannt Dir d'Reglement an d'Konditioune fir un dem Concours deel ze huelen.

An der Hoffnung dass Dir dobäi sidd,
soen mir am Viraus Merci!

De Comité

REGELEN AN KONDITIOUNEN

- Den Optrëtt muss bis den 15. Mäerz 2017 per E-mail oder SMS ageschéckt sinn.
- Matmaache kann eng eenzel Persoun oder eng Grupp (max.20).
- Et muss ee Minimum vu verschiddenen Umeldunge virleien, soss kann dëst Evenement net gehale ginn.
- Den Optrëtt muss op der Bühn méiglech sinn an däerf net méi wéi 10 Minutten daueren.
- Et däerf net mat geféierlechem Material geschafft ginn (liicht-entzündlecht Material, Feier oder Waffen) an d'Optriede geschitt op eegen Verantwortung.
- Eng éischt Auswiel (vun enger Jury) entscheet, wien an de Casting kënnt.
- Huet d'Jury Äert Talent eraus gesicht fir um Casting mat ze maachen, kritt Dir esou séier wéi méiglech Bescheed gesot.
- Komme vill Umeldungen, kann et zu engem weidere Casting an Datum kommen.
- Wien beim Casting weider kënnt, deen trëtt den 10. Juni 2017 Owes vun 19.30 Auer un an enger ëffentlecher Show zu Wooltz op der Festivalsplatz virum Publikum op.

Och du hues een Talent,
Blutt spenden,
Liewen retten.
Tel: 661 850 840 oder www.croix-rouge.lu